N°3048
Entrée le 16.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.10.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

An engem Communiqué warnt de Mobilitéitsministère zesumme mat der Jeeërfederatioun virum Ufank vun der Juegdsaison. Op RTL.LU steht geschriwwen:

*"D'Federatioun vun de Jeeër an d'Sécurité Routière ruffen d'Automobilisten op, besonnesch laanscht Bëscher a Felder op d'Vitess opzepassen an all Abléck dermat ze rechnen, datt en Déier iwwert d'Strooss leeft. […] D'Chauffere gi gefrot d'urgence ofzebremsen, wann en Déier iwwert d'Strooss leeft, mee net ze probéieren, dem Wëld auszewäichen." (15/10/2025)*

Dass d'Déieren op d'Strooss lafen, leit virun allem un de Klappjuegten, enger aggressiver Juegdmethod, bei däir Wëlldéieren a Panik an ënner Iwwerliewensstress gesat ginn.

Deementspriechend sinn d'Geforen fir d'Automobilisten, virun där an dësem Communiqué gewarnt gëtt, d'Konsequenz vun enger gewolltener Juegdpolitik. Konsequenterweis kann ee soen, dass d'Klappjuegten d'Gefor op de Stroossen erhéijen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Ministesch der Meenung, dass et een Zesummenhang tëschent de Klappjuegd an den doraus resultéierende Geforen fir d'Automobiliste gëtt?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

2. Wier net méi verantwortungsvoll, fir d'Geforen fir den Automobilist ofzewenden, andeems ee manner oder keng Klappjuegte géif zouloossen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés